E Commentaire vum Pilo Fonck

De Fall Hellers?

Wéi eng Bomm ageschloen huet déi vergaange Woch d'Noriicht, datt de Football-Nationaltrainer, FLF-Sportsdirekter a Chef vun der Footballschoul zu Monnerech, sech aus fräie Stécker zréckgezunn huet. A Wierklechkeet ass de Fall Hellers awer e Fall Philipp!

De Guy Hellers huet démissionéiert! Net nëmmen an der klenger Lëtzebuerger Footballwelt, mee an eise Sportkreesser allgemeng waren déi allermeescht Leit iwwer déi Demissioun paff, woussten och näischt richteg mat der Nouvelle selwer unzefänken.

Iergendwéi bezeechnend fir d'Reaktioune vun all Mënsch war d'Verwonnerung vum Manou Cardoni, laang Joren Nationalspiller an elo nach, als Trainer vu Rëmeléng, e gellechen Insider vun eiser Footballszeen: «ça me surprend. Il a dû se passer quelque chose de fort en coulisses. Le football luxembourgeois est en droit de savoir ce qu'il s'est passé. L'équipe nationale n'est pas un jouet! Je veux tout savoir.» (Le Quotidien, 4. August) De gudde Man riskéiert nach laang mussen ze waarden... D'Explikatioun vum Guy Hellers selwer huet wuel kengem Satisfaktioun ginn: „Es gibt eine ganze Anzahl kleiner Ursachen, die sich zu einem Ganzen addiert haben... Auf die genauen Beweggründe will ich nicht eingehen." (d'Wort 4. August)

Den FLF-President Pol Philipp fir säin Deel wollt gleewen dinn, d'Federatioun wier vum Hellers senger Dezisioun kal erwëscht ginn: «Je suis tombé de ma chaise... non, il n'y a pas eu de frictions... et puis, il ne faut pas l'oublier, c'était notre ‚Homme'.» (La Voix du Luxembourg, 4. August). Wien déi Aussoe vum FLF-Präses gleeft, gëtt ganz bestëmmt séileg. Ze maachen, wéi wann et tëscht President an Trainer keng Differenzen, keng Divergenzen, keng diametral opposéiert Opfaassunge ginn hätten, dat ass pur Hypocrisie! Iwwregens huet sech de Pol Philipp, nëmme 24 Stonnen no deenen elo just ernimmten Aussoen, a Widersprëch verwéckelt, wéi en (an engem Freudsche Lapsus?) de Géigendeel dovunner zouginn huet: „Vielleicht hätten wir eher handeln müssen." (Tageblatt, 5. August) Sou kann een, ouni eng Mine ze verzéien, alles an de Contraire soen: «Son contrat courait jusqu'à décembre 2011 et on aurait très bien pu le prolonger»! (Le Quotidien, 5. August).

> „Zënter e puer Joer si praktesch all Propositiounen vum Sportsdirekter am Intressi vum CFN systematesch ignoréiert ginn."

D'Realitéit, d'Wourecht ass eng ganz aner. Vun der Form hier huet de Guy Hellers zwar demissionéiert. Am Fong awer ass hien aus der FLF eraus gëeekelt ginn. Mir woen esouguer ze behaapten, datt nach ni an der Geschicht vum Lëtzebuerger Sport d'Aarbecht vun engem Nationaltrainer vum eegene President esou boykottéiert ginn ass, wéi déi vum Hellers duerch de Philipp. Wann dat, wat sech déi lescht Joren am gréisste Sportsverband vum Land ofgespillt huet – net nëmmen hannert de Kulissen – an engem anere Betrib geschitt wier, da wieren d'Gewerkschaftsvertrieder wéinst onerhéiertem Mobbing op d'Barrikade geklommen.

Mir invitéieren jiddereen, sech virzestellen, wéi opgewullt, um Enn elo, deen u sech nach jonken Trainer gewiescht muss sinn, fir vu sech aus e Kontrakt ze kënnegen, deen

„Als bequemen Trainer war de Guy Hellers sécherlech net bekannt, dofir awer als engagéierten a professionelle Mann."
Foto: Fabrizio Munisso

him op d'mannst nach annerhalleft Joer e ganz gutt Gehalt geséchert hätt (och wann et net esou héich war, wéi dat vu sengen zwéi Virgänger Simonsen a Philipp!). No baussen hin mag de fréieren erfollegräiche Profispiller vläicht den Androck vun engem haarde Kärel gemaach hunn, dee kal a warem gewinnt wier; bannen an muss et awer allerhand un him geschafft hunn, datt déi meescht vu senge Virschléi am Intressi vun der Footballschoul engersäits, vun der Nationaléquipe op der anerer Säit op daf Ouere gestouss sinn, a wéi sou dacks an ähnleche Fäll hunn e puer Drëpse Waasser d'Faass iwwerlafe gedoen.

Wann eppes dem Guy Hellers un d'Häerz gewuess war, dann d'Footballschoul (den CFN, de Centre de Formation National), déi am Joer 2000, trotz staarker Oppositioun vun de Veräiner, ënnert der Presidentschaft vum Henri Roemer gegrënnt gouf an zënter hirem Ufank ënnert der Leedung vum Hellers fonctionnéiert huet. Wéi staark d'Problemer vun deeër Schoul dem Nationaltrainer uewe louchen, geet am beschten aus deem Mail ervir, deen hien vrun der Saison 2009/10 un de Verwaltungsrot geschéckt hat, an deen d'Voix du Luxembourg de 5. August ofgedréckt hat. Um Enn vun deem Schreiwes hat sech de Guy Hellers vum Verwaltungsrot senger Sportspolitik distanzéiert. Et pour cause! Zënter e puer Joer schonn ware praktesch all Propositiounen, déi de Sportsdirekter am Intressi vum CFN gemaach huet, systematesch ignoréiert ginn.

Ugefaange bei senge Virstellungen iwwer d'Traineren an der Footballschoul. Wann hien als Verantwortlechen vun der Formatioun den X fir eng Plaz virgeschloen huet, dann huet de Verwaltungsrot den Y dohinner gesat. Dat ass net nëmmen eemol, mee eng hallef Dose Mol geschitt. Datt e Mann wéi den Dan Theis der FLF de Réck gedréit huet, ass net vun ongefréier. Eng Iddi, un deeër de Guy Hellers laang gefrien huet, war d'Jugendselektiounen vun der FLF am Lëtzebuerger Championnat z'integréieren: d'U15 bei de Cadeten, d'U17 bei de Junioren an d'U19 an der Eirepromotioun. E Projet, deen einfach vum Pol Philipp sengem Dësch erof gewëscht gouf!

Training annuléiert. Datt de President och alt emol eng Stonn virdrun en Training am CFN ofsoe gelooss huet, well en décke Veräin en Hoer an der Zopp fonnt hat, ass kaum emol nach derwäert, ernimmt ze ginn. Guer net dervun ze schwätzen, datt ënnert dem Régime Philipp d'Footballschoul, déi um Kongress am November 2005 vum President als „fonds de commerce" vum Verband iwwer de Kléi gelueft gi war, an der Zwëschenzäit vu siiwen Deeg an der Woch op elo véier Deeg an der Woch zréckgedréit gouf. Firwat wuel? Fir sech bei de Veräiner de schéine Männchen ze maachen? Iwwregens wollt de Pol Philipp, bei de Verhandlungen iwwert d'Verlängerung vum Guy Hellers sengem Vertrag am Dezember 2007, an der alleréischter vun deene fënnef schwéieren Diskussiounssëtzungen säi Sportsdirekter aus der Verantwortung iwwer den CFN entbannen!

Op dëser Plaz ass et vläicht ubruecht, e Mann ze zitéieren, dee wësse misst, vu wat e schwätzt: de Nico Zenner, fréiere President vum Käerjénger Football, dräi Joer laang och als President vun der FLF-Jugendkommissioun gewëssermoossen dem Guy Hellers säi „Patron": „Et soll emol een et besser am CFN zu Monnerech maachen. Och wann de Guy beileiwe kee Bequemen ass, huet en awer munnech formidabel Dugenden: Hien ass professionell, besiess, zu 100 Prozent éierlech an zu 1000 Prozent engagéiert. Mir perséinlech deet seng Demis-sioun wéi, an dem Lëtzebuerger Football, op Joren hin, nach vill méi." (RTL-Internet-Site, 4. August, 22.22.59 Auer).

D'Drëps Waasser vun deeër mer geschwat hunn, ass vläicht, datt den 10. Juli, an enger Reunioun vun enger Delegatioun aus dem Verwaltungsrot mat de Membere vum technesche Staff, de Guy Hellers sech vu sengem President huet misse soe loossen, d'Footballschoul hätt jo awer nach ëmmer kee Profispiller erausbruecht! Loosst eis dozou bemierken, datt momentan iwwer 20 Spiller aus den U15/U17/U19-Kaderen vun der Monnerecher Footballschoul an auslännesche Veräiner opgeholl sinn an do versichen, de Sprong an eng professionell Carrière ze packen. Wa si dat net fäerdeg brëngen, wat e Miri Pjanic mat Brio gemaach huet, ass dat dann d'Schold vum CFN a vum Guy Hellers? A fir de Rescht géife mer nawell gäre froen – wa mer eis déi Majestéitsbeleidigung erlaben dierften – wéi vill Profien ënnert dem Nationaltrainer Philipp tëscht dem 1. August 1985 an dem 1. November 2001 forméiert goufen? Woubäi mer trotzdem preziséiere wëllten, datt mer kee Iota a kee Komma vun all deem Positiven zréckhuelen, dat mer an deene 17 Joer vum Trainer Pol Philipp gesot a geschriwwen hunn...

Thema Hellers an d'Nationaléquipe dann. Op d'mannst hat den Trainer an deeër Problematik et fäerdeg bruecht, säin gudden treien Assistent Ronny Bonvini behalen ze dierfen, deen d'lescht Woch, aus Solidaritéit mat dem Guy Hellers, gläich mat opgehalen huet. Mee fir de Rescht ass et senge Virschléi am Intressi vum Nationalkader dacks d'selwecht gaangen wéi senge Suggestiounen an der Footballschoul. De Projet, all zweete Mëttwoch en Testmatch ze spillen, huet d'Federatioun fale gelooss, well d'Veräiner dergéint Stuerm gelaf sinn.

Wier dat iwwregens schéin, wann de President Philipp haut fir den Nationalkader eng Preparatioun op d'Bee setze géif, wéi ufanks den 90er Joren, wou den Trainer Philipp et duerchgesat krut, datt d'Nationalspiller mat deem berühmte Modell Lëtzebuerg dräi Trainingsunitéiten an der Woch haten! Dovunner huet de Guy Hellers nëmmen dreemen dierfen. A wann hien, grad wéi säi Patron et senger Zäit gemaach huet, am Intressi vun der Nationaléquipe, fir eng Konzentratioun vun der Elite an der BGL Ligue plaidéiert huet, da gouf en enges Bessere beléiert: dat wieren haut verstëbst Virstellungen. Den absoluten Hummer war awer, ganz rezent, d'Äntwert vu sengem President op d'Iddi, deene beschten Equipen an der Nationaldivisioun e semi-professionnelle Statut ze verpassen, fir datt méi a besser trainéiert kënnt ginn: Dat wier „Quatsch am Quadrat" huet et dunn iwwer d'Radioswellen an d'Land era geschaalt! Deeselwechte President hat emol eng Kéier sengem Sportsdirekter de gudde Rot ginn, e misst léieren, mat de Medien ze kommunizéieren!

Kuerz, et hu sech mat der Zäit esouvill Saachen zesumme gedroen, déi explizéieren, datt de Guy Hellers elo degoûtéiert d'FLF-Bengelen bei d'Tromm geworf huet. Mee och, wann déi Verantwortlech vum Verband net woussten, wat se un hirem Employé haten, aner Leit woussten et besser z'appreciéieren. Wéi de Sébastien Remy: «Je connais l'homme et l'entraîneur... je ne garde que de bons souvenirs avec lui, à part notre première semaine. C'est une énorme perte pour le foot luxembourgeois.» Oder de Carlo Weis: «Le football luxembourgeois doit être en deuil aujourd'hui. Il laisse partir un mec hyper compétent». (Le Quotidien)

Mee eise Football huet jo nach de Pol Philipp. Vläicht rett hien d'Situatioun a mécht et wéi senger Zäit de Kaiser Franz bei Bayern München: President, Sportsdirekter an Trainer an engems... eng Dräifaltegkeet an enger Persoun!

„Et hu sech mat der Zäit vill Saachen zesumme gedroen, déi explizéieren, firwat de Guy Hellers um Enn d'Bengelen bei d'Tromm geworf huet. 't ass alt esouguer e Wanterstage vun enger Woch fale gelooss ginn, obschonn e programméiert war. Wann esou eppes an den 90er Jore passéiert wier, den Trainer Philipp hätt déi Zäit de ganze Grand-Duché op d'Kopp gestallt."
Foto: Fern Konnen